

Groupe parlementaire

Tratten, de 16. Mäerz 2022

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt d'Ukrain a Russland mat déi gréissten Exporteure vu Produce sinn, déi och hei am Land fir d'Hierstelle vu Liewens- oder Fuddermëttel gebraucht ginn,
- datt de Krich an der Ukrain mam Risiko verbonnen ass, datt et an Europa zu enger Liewensmëttelknappheet komme kann,
- datt de Krich an der Ukrain mam Risiko verbonnen ass, datt d'Liewensmëttel fir den Endverbraucher massiv wäerten an d'Luucht goen, wat grad fir déi finanziell méi schwach Leit e seriöse Problem duerstellt,
- datt de Krich an der Ukrain eis - änlech wéi dat scho während der Covid-Pandemie de Fall war - virun Ae féiert, datt et wichteg ass, datt Lëtzebuerg verstärkt ustriewe soll, fir méi onofhängeg ze ginn, wat d'Versuergung mat Liewensmëttel ugeet,
- datt, bedéngt duerch de Krich an der Ukrain, mir de Lëtzebuenger Baueren elo direkt sollen d'Méiglechkeet ginn, Gréngland als Akerland ze notzen, fir esou kënnen d'Quantitéit vun der heemescher Produktioun vu Fudder- a Liewensmëttel eropzesetzen,

fuerdert d'Regierung op,

- elo schonn e Plang ze erstellen, wéi d'Regierung am Fall vun enger Liewensmëttelknappheet an/oder enger massiver Deierecht vun de Liewensmëttel dës Problematik ka sozial a finanziell offiedere,
- elo schonn e Plang ze erstellen, wéi Lëtzebuerg sech mat den EU-Partnerlänner a mat Drëttstaaten solidaresch weise kann, am Fall, wou dës mat enger akuter Liewensmëttelknappheet konfrontéiert wäeren,
- déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen, fir d'Quantitéit vun der heemescher Produktioun vu Liewens- a Fuddermëttel eropzesetzen,
- déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen, fir Gréngland als Akerland brauchbar ze maachen, fir datt eis Bauere beschtefalls nach dëst Joer méi Terrainen zur Verfügung hunn, fir Fudder- an/oder Liewensmëttel unzebauen.